| Consdorf | 18.00 | **Virowendmass** Fam Mirkes-Roths / Fam Wolff-Flammang, Jean a Marie Weydert / Fam Molitor-Ruppert / Albert Goedert St Fam Weber-Wolter |
| Born | 18.00 | **Virowendmass** St Fam Hein-Lies |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** Jos Ernsdorf |

**Sonndes, 05.07.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** verst. Frënn a Familljememberen |
| Echternach | 09.00 | **Mass** 6. Jm Jean Janssen-Hansen |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / Marianne Bischoff |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Marcel a Claude Spielmann / Marcel a Jean Beck |
| Echternach | 11.45 | **Daffeier** fir Louise Winandy |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** 20. Jm Marguerite Lemmer / St Jean Prim |

**Méindeg, 06.07.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. Hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |

Jeden Tag will ich dich preisen *
und deinen Namen loben auf immer und ewig.
Der Herr ist gnädig und barmherzig, * langmütig und reich an Huld.
Der Herr ist gut zu allen, * sein Erbarmen waltet über all seinen Werken.
Danken sollen dir, Herr, all deine Werke, *
deine Frommen sollen dich preisen.

*Psalm 145,2 8-10*

**Dënschdeg, 07.07.**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass | op Meenung FOBW |
| Osweiler | 09.30 | Mass | |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass | St Fam Kirpach-Wagner (H 2000) |
| Rodenbourg | 18.30 | Mass | Jm Edmond Welter |

**Mëttwoch, 08.07.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) |

**Donneschdeg, 09.07.**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass | 1. Jm Petz Lahure |
| Echternach | 18.30 | Stëll Anbetung | |
| | 19.00 | Vesper | |

**Freideg, 10.07.**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass | St Dechanten Thomas, Classen a Pastoret |
| Born | 18.30 | Mass | |

Seigneur Jésus,

Toi qui as dit : « Venez à moi, vous tous qui êtes fatigués et chargés, et je vous donnerai du repos. Prenez mon joug sur vous et apprenez de moi, car je suis doux et humble de cœur, et vous trouverez le repos pour vos âmes. Car mon joug est facile et mon fardeau léger » (Matthieu 11:28-30).

Je viens à Toi aujourd'hui, las et accablé par les soucis de ce monde. Mon cœur est lourd, mes forces s'épuisent, et je sens le poids de mes peines. Mais Tu m'invites à me reposer en Toi, à déposer mes fardeaux à Tes pieds.

Jésus, montre-moi comment porter Ton joug, qui est léger, plutôt que de traîner celui de mes propres efforts et de mes doutes. Donne-moi la grâce de me confier entièrement à Toi, de lâcher prise et de me laisser guider par Ta volonté.


Quand l'anxiété m'envahit, rappelle-moi que Tu es là, prêt à me soulager. Quand la fatigue m'écrase, fortifie-moi par Ta présence. Quand je me sens seul, fais-moi sentir Ton amour qui m'enveloppe.

Merci, Seigneur, pour cette promesse de repos. Je choisis de m'abandonner à Toi, de croire que Tu peux transformer ma lassitude en paix, ma charge en légèreté. Que Ton Esprit me conduise chaque jour vers Toi, source de toute consolation.

## 15. Sonndeg am Joereskrees Mt 13,1-23

*Kiermes zu Bäerdref - Bietdag zu Rouspert*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdes, 11.07.** | | *Hl. Benedikt von Nursia* |
| Girsterklaus | 14.00 | **Hochzäit** Ries-Günkel |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell)<br>José Rodrigues / Pierre Heuskin a Fam |
| Mompach | 18.00 | **Virowendmass** Verst Fam Osweiler-Weydert |
| Bourglinster | 18.30 | **Virowendmass** Jm Nic Breser a Jm Marie Wehr-Breser |
| Echternach | 20.00 | **Messe** pour la communauté portugaise |
| **Sonndes, 12.07.** | | |
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Jos Petesch a Fam Hoffmann-Klassen / Jean Noesen |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / Sabine Hoff |
| Osweiler | 10.30 | **Mass** |
| Berdorf | 10.45 | **Kiermesmass** 8. Jm Norbert Clemens / St Fam Pletschette-Lehnen St Fam Stirn-Speller / St Arsène a Lucie Braun / Jean-Pierre Molitor a Fam Molitor-Dondelinger / Adolphe Meyers a Fam |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** St. Jeanny a Guy Berns-Mangen |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** **mat der Jugend** |
| Rosport | 18.30 | Stëll Anbetung |
| | 19.00 | Biedstonn mat Segen |



**Impressum** Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord
Oploo: 3000 Ex., kënnt ca 7 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnt de 12.07.2026 eraus a geet bis den 20.09.2026.
**Redaktiounsschluss 25. Juni 2026**

# Kontakt

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 💻 ferasmy@pt.lu
**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 💻 carlo.morbach@cathol.lu
**Luc Schreiner**, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052
**Anise Metz**, Parassistentin , ☎ 720149 💻 aimetz@pt.lu
**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 💻 josiane.mirkes@education.lu
**André Mendes,** Sekretär, ✉ 12, Porte St Willibrord
L-6486 Echternach, ☎ 720149 💻 iechternach@cathol.lu
**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 💻 luc.zimmer@cathol.lu

**Konto Parbréif:** BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

## Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 | iechternach@cathol.lu
**De Parbüro ass op**
**Moies: vun Dënschdes bis Freides 10-12 Auer**
**Mëttes: Dënschdes + Donneschdes vun 14-16 Auer | Mëttwochs vun 16-18 Auer**
**Iwwer Telephon si mir ereechbar**

## Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043
**Permanence: Méindes 16.30-17.45 Auer a Mëttwochs 10.00-10.45 Auer**
De Büro zu Lënster ass an de Schoulvakanzen zou!

## Konto Massintentiounen:

BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
Kierchefong C.T. / Reg Iechternach
*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*

***Um Internet:***
eist **Parliewen** fannt Dir op: **cathol.lu/iechternach**
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: **basilika.lu**
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: **lensterkierch.lu**

# Springprozession 2026

## Erinnerungstücher

Erinnerungstücher können zum Preis von 4€ gekauft werden. Gruppen, die eine grössere Anzahl (zum Vorzugspreis von 3 €) Tücher brauchen, können diese per Mail bestellen: willibrord@cathol.lu. Die Tücher können im Pfarrbüro, 12, porte St Willibrord, Echternach abgeholt werden, oder stehen am Tag der Springprozession zum Abholen im Abteihof bereit.




## Pilgermenü

Im Refektorium der früheren Abtei (1. Stock) wird ein Pilgermenü ab 11.30 Uhr angeboten. Da dies nur bei Selbstbedienung geschehen kann, wird es nicht möglich sein, Plätze für Gruppen zu reservieren. Des weiteren werden von 07.00 – 11h00 Uhr in der Cafeteria des Internats kalte und warme Getränke sowie Snacks angeboten (Zugang im unteren Abteihof, zwischen den beiden Treppenaufgängen). Refektorium und Cafeteria: nur mit Kartenbezahlung

## Verkaufsstand im Info-Zenter

Am Tag der Springprozession ist der Verkaufsstand im Info-Zentrum über die Springprozession ab 9.00 Uhr geöffnet. Hier können Sie die BD über das Leben des Heiligen Willibrord kaufen, sowie Kerzen, Kreuze, Medaillen, Rosenkränze u.v.a....





# Ein neuer Osterleuchter für Junglinster

Letztes Jahr wurde der Kirche in Junglinster ein großer Osterleuchter aus dem 18. Jh. geschenkt, der vermutlich ursprünglich aus Frankreich stammt. Im Atelier NOMBRE D'OR in Montigny-les-Metz konnte er in den letzten Monaten fachmännisch restauriert werden. Der Leuchter (aus Lindenholz) wurde gerichtet, lose Teile geleimt, fehlende Stellen ergänzt. Das Blattgold (22 Karat) musste an vielen Stellen erneuert werden. Auch diese Arbeiten wurden durch einen Spender finanziert und zur größten Zufriedenheit vom Restaurator Pierre POINSAINT, der Restauratorin Sylvie SCHIED und der Auszubildenden Jadzia MASCI ausgeführt.

**Unser großer Dank gilt den edlen Spendern**, die es ermöglicht haben, dass die Junglinster Kirche nun einen prächtigen Osterleuchter ihr Eigen nennen darf, der hervorragend in das bestehende Ensemble passt, so als wäre er eigens für die St. Martin-Kirche geschaffen worden.

*Francis Erasmy*





# Härläichendag 2026

Härläichendag ass e besonnescht Fest vun eisem Glawen. Mir hunn op dräi Plazen eng Prëssessioun.

- **Samschdes, den 6. Juni zu Bur**
- **Sonndes, den 7. Juni zu Iechternach**
- **Sonndes, den 7. Juni zu Rouspert**

Mir invitéieren Iech ganz häerzlech fir mat eis ze feiern, d'Haiser ze rëschten an d'Fändelen erauszehänken.

## Bur

**Samschdes, den 6. Juni** feieren mir d'Mass um 18 Auer an der Kierch zu Bur, duerno geet d'Prëssessioun duerch d'Schlass- an Duerfstrooss laanscht déi verschidde Kapellen aus dem Duerf erëm an d'Kierch zréck, wou de Schlusssege gespent gëtt.

**Opstellung**
Massendinger mam Kräiz, Musik, Kanner a Kommiounskanner, Massendinger, Allerhellegst, Autoritéiten, Gesangveräin, d'Leit all

**D'Kommiounskanner** aus der Gemeng huelen, wéi et Brauch ass, an hirem festleche Kommiounsgezei un der Mass an un der Prëssessioun deel. D'Kommiounsmeedercher vun dësem, sinn invitéiert an hirem festlechen Gezai Blummen ze streeën. Si treffen sech um 17.30 Auer.

**Blummebléie** gi gebraucht fir d'Streekanner: Vu Freides u steet e Kuerf an der Kierch fir d'Bléien aus Gaard a Flouer ofzeginn.





# Iechternach

**Sonndes den 7. Juni** feiere mir um 9.00 Auer d'Mass an der Basilika. Duerno geet d'Prëssessioun dee selwechte Wee, wéi déi läscht Joeren. De sakramentale Segen ass bei den Altär vum Dechenshaus (rue de la Montagne), um Moart (Place du Marché), bei der aler Jugendherberg (rue André Duchscher) an an der Basilika, wou den Ofschloss ass.

**Opstellung**
Massendénger mam Kräiz, Harmonie municipale, d'portugiesesch Kommunotéit, d'Statue vun der Tréischterin, d'Schoul-an d'Kommuniounskanner, Massendénger, dat Allerhellegst, Basilika-Chouer an d'Leit alleguer.

**D'Kommuniounskanner** vun de Gemengen Bech, Befort, Berdorf, Consdorf, Iechternach a Lënster sinn invitéiert matzefeieren. Si kommen mat hirer Famill an hire Frënn an d'Mass a ginn duerno mat an der Prëssessioun.

# Rouspert

Mir feieren d'Mass **Sonndes, den 7. Juni** em 9.30 Auer an der Kierch, duerno geet d'Prëssessioun den Tudorsbeerg erof bis bei de Kiosk, da laanscht de Kierfecht zréck bis virun d'Kierch, wou et um Irminebuer de Schlusssegen gëtt.

**Opstellung**
Massendinger mam Kräiz – Pompjeen – Muttergottesfändel – Meedercher an Dammen – Musik – Männergesangveräin – de Kannerfändel – Kanner a Kommiounskanner – Massendinger – Allerhellegst – Autoritéiten – Männer – de Mëchelsfändel

**Kanner**

D'Kommiounskanner aus der Gemeng huelen, wéi et Brauch ass, an hirem festleche Kommiounsgezei un der Mass an un der Prëssessioun deel. D'Kommiounsmeedercher vun dësem, sinn invitéiert an hirem festleche Gezei Blummen ze streeën. Si treffen sech um 9.00 Auer.


© Norbert Stors

# Liestipp...

## Annette Jantzen
## **Die ignorierten Frauen der Bibel**
## Was im Gottesdienst nicht gelesen wird

Verlag Herder Freiburg 2026, 304 Seiten, 24,- €.




Kenn dir d'Bibel? Kenn dir och déi manner bekannten Erzielungen aus dem alen oder neien Testament? Ech war lo an der Oktav-Zäit nawell erëm ee bëssi ugestachelt vum Thema vun der Fra an der Kierch. Mir war kuerz virdrun ee Buch opgefall, dat sech mat dem Thema vun de Fraen an der Bibel befaasst. An eiser normaler Lies-Uerdnung an de Masse komme ganz vill interessant Erzielung aus der Bibel ni vir.

Och wann dat Zweet Vatikanescht Konzil d'Lies-Uerdnung vun de Massen extreem erweidert huet am Verhältnis zu der virkonziliarer Mass, sou bleift d'Thema vun der Fra dach awer zu engem ganz groussen Deel och elo do ausgeklammert. D'Lies-Uerdnung ass wéi sou Villes an eiser kathoulescher Kierch zimmlech Männer-orientéiert an deem entspriechent fale vill héich interessant Geschichten a Gesiichtspunkten einfach ënner den Dësch. Um KLappentext vum Buch ass kuerz ausgedréckt, wat een am Annette Jantzen sengem Buch kann erëm fannen: "Die Autorin richtet den Scheinwerfer auf das, was ausgelassen und ignoriert wird, und zeigt damit, wie sich in der Liturgie das offizielle katholische Frauenbild spiegelt - und was alles fehlt." Genee dat gëtt d'Stoussrichtung vum Buch un. Mir sinn als kathoulesch Chrëschten extreem dovu gepräägt, wat mir haaptsächlech an de Masse vun der Bibel héieren.

Nëmme wéineg Leit liese jo aktiv selwer an der Bibel. Deementspriechend entwéckelt sech da wuel och eist Bild vun eiser Relioun a puncto Plaz vun der Fra an eiser Gemeinschaft an och grad an der Leedung vun der Kierch. Schonn dat aalt Testament gëtt ee ganz faarwegt Bild of, wéi Fraen sech an d'Gemeinschaft vun de Gleewegen am Vollek Israel an doriwwer eraus abruecht hunn. Et ass nach laang net ëmmer déi ënnergeuerdent Positioun, déi iwwer vill Joerhonnert der Fra zou geschoustert gouf, déi hei ervir stécht. Ganz wichteg Aufgabe gi vu Fraen ëmmer nees iwwerholl an och ausgefëllt. Et ass eigentlech erschreckend, wéi wéineg bekannt all des bedeitend Perséinlechkeete sinn. Ee Sträifzuch duerch dem Annette Jantzen säi Buch kann engem do ganz grouss d'Aen opmaachen a munnech altertëmlech

Denkweisen ee gutt Stéck méi riicht béien.

Kuckt een dann an dat Neit Testament, da gëtt d'Situatioun nach eng Kéier méi däitlech a kloer. Bis haut geet déi offiziell Kierch dervun aus, dass et nëmmen de Männer hier Saach ass, fir a leedende Positioun an der Kierch ze stoen. Ee méi differenzéierte Bléck an d'Schrëfte vum NT weist allerdéngs do ee ganz anert Bild. Fraen hu ganz selbstverständlech Positiounen an der Leedung vu Gemeinschaften, an der Verkënnegung vum Evangelium an a Villem méi. Esouguer de Paulus, deem ëmmer nees ënnerstallt gëtt, dass hien d'Fraen hätt wëllen aus der Verkënnegung eraus halen, erwäänt ganz selbstverständlech Fraen, déi d'Evangelium verbreeden a Gemeinschaften hëllef opbauen

D'Bild vun der Fra an der gesamter Bibel ass vill méi differenzéiert a positiv, wéi et ëmmer nach an eiser Kierch versicht gëtt ze propagéieren. En Ëmdenke wier héich noutwenneg. An dann natierlech misst een d'Lies-Uerdnung vun de bibleschen Texter an eise Gottesdéngschter och erëm nei iwwerdenken an esou ee méi aktiivt Bild vun de Fraen an der Geschicht vun der Relioun zeechnen. Fir jiddereen, deen sech net einfach mat ale Klischeeë wëll zefridde ginn, ass dëst Wierk eng echt Hëllef, fir een neie Bléck an déi fundamental Schrëfte vun eiser Relioun ze werfen. Heiansdo ass et wichteg ee Bléck iwwer den Tellerrand eraus ze maachen. Heiansdo ass et och wichteg endlech emol d'Traditioun a Fro ze stellen an de Bléck op d'Fundament ze riichten. Dëst Fundament ass d'Bibel am Ganzen an net nëmmen an der dach verkierzte Siicht vun de Liesunge vun eise Gottesdéngschter. Et brauch natierlech ee wéineg Courage, fir sech dëser Thematik unzehuelen. Awer ech mengen et kéint eis hëllefen och nei Weeër vum Denken iwwer eist Mënsch-Sinn an der Reliounsgemeinschaft op ze maachen

*Carlo Morbach*

# Dëst & dat...

## Communauté portugaise

**Durant le mois de mai**, prière du chapelet
tous les jours à 20.00 heures à la crypte de la Basilique.

## Publications de Mariage

**Publicationes matrimoniales (c. 1067) Paroisse Région Echternach St Willibrord**

**LICCARDO Luca et IACOLARE Maria**
Date et lieu du mariage religieux : 25/7/2026 à Capua (I)

**ANTUNES COIMBRA André et FERNANDES MONTEIRO Joana Isabel**
Date et lieu du mariage religieux : 8/8/2026 à Glória do Ribatejo (P)

## Oeuvres St Barthélemy Consdorf (OSBC)

# MERCI Jemp



No engem Joerzéngt un der Spëtzt vun den Oeuvres Saint Barthélemy Consdorf (OSBC) geet eng wichteg Ära op en Enn: De Jean-Pierre Origer, besser mam Numm „Jemp“ bekannt, huet decidéiert, säi Mandat net méi ze verlängeren.

De Jemp Origer war net nëmmen iwwer vill Joren eng trei Kraaft am Kommitee an am Veräin, mee och ee vun de Matgrënner. Vun Ufank un huet hien sech mat vill Häerzblutt an Engagement fir d’Ziler an d’Entwécklung vun der OSBC agesat. Ënner senger Leedung konnt de Veräin sech weiderentwéckelen an eng wichteg Roll am lokale Liewen iwwerhuelen.

Säi grousst Engagement, seng Disponibilitéit an seng Motivatioun hu vill dozou bäigedroen, datt d’OSBC haut do steet, wou se ass. De Jemp war ëmmer eng zouverlässeg an engagéiert Persoun, déi sech fir d’Interesse vum Veräin an hir Memberen agesat huet.

Mat sengem Récktrëtt geet eng bedeitend Etapp op en Enn, mee säi Bäitrag bleift fest an der Geschicht vum Veräin verankert. De Jemp wäert der OSBC weiderhin als Member erhale bleiwen.

D’OSBC seet him villmools Merci fir seng Aarbecht an säin Asaz iwwer déi lescht 10 Joer a wënscht him fir d’Zukunft nëmmen dat Bescht.

***Save the date***
Interaktiv Ausstellung
an der Kierch zu Konsdref

**Niklos-Expo**
**vum 9.9. - 23.9.2026**

Organisatioun:
*Erwuessebildung a Kooperatioun mat "Kultur a Patrimoine Konsdref"*
*Mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère,*
*der Par Regioun Iechternach St Willibrord,*
*der Gemeng Konsdref a villen aneren.*



# Aktioun „Adventsfënsteren an der Gemeng Konsdref"

**Opruff fir matzemaachen**




D'*Oeuvres Saint Barthélemy Konsdref asbl* invitéiert all Awunnerinnen an Awunner, Veräiner a Frënn aus der Gemeng, fir bei 3. Editioun vun der flotter Aktioun „Adventsfënsteren" matzemaachen.

Am Laf vum Advent soll eng Fënster dekoréiert ginn, déi dann op engem bestëmmten Datum gewise gett. Esou kann een zur festlecher Stëmmung an der Gemeng Konsdref bäidroen. Wien wéini drun ass, wäerte mir spéider zesumme festsetzen. Dobäi ginn et zwou Méiglechkeeten:

- „aktiv Fënster": mat engem gemittleche Zesummesinn (z. B. Glühwäin, Téi, klenge Snack)
- „stëll Fënster": eng schéin dekoréiert Fënster ouni Animatioun

Jidderee ka matmaachen – loosst eis zesummen eng waarm an invitéierend Adventszäit schafen!

Interesse oder Froen?

Mellt Iech w.e.g. ënnert: 💻 advent@pt.lu - ☎ 621 622 511

Mir freeën eis op vill flott Fënsteren an Är Participatioun!

Een Abléck an d'Editioun 2025 ass op https://web.cathol.lu/article14235 ze fannen.

# Päischtméindeg zu Präitler

No der Houmass vun 10.45 Auer zu Präitler op **Päischtméindeg, den 25. Mee**

invitéiert d'Oeuvres Saint Barthélemy Consdorf iech alleguer nach e wéineg zesummen ze sinn
an eis Gemeinschaft ze feieren.

Bei engem Patt kënne mir schwätzen
an eis austauschen
a ganz einfach eist Chrëschtsinn deelen.



# Schoulsak-Aktioun

## *Action Cartable*

## 01.07.-15.07.2026



Aarm Kanner an Ost-Europa brauchen **ee Schoulsak oder ee Rucksak** a guddem Zoustand mat follgendem **Schoulmaterial**:

| | | |
|---|---|---|
| 3 Hefter (normal Haisercher) | Lineal | Schéier |
| (nei) Schachtel mat 4 Bläistëfter | Gummi | 2 Bicker |
| nei Stëfter an Holzfaarwen | Spëtzer | Molbuch |

An och: Mutz, Schal, Händschen, waarm Strëmp, e Kuscheldéier, 1 Tut Kamellen, 1 Zännbiischt mat Zännseef. Wgl. *kee Schockela* am Summer.

Dir kënnt all Aarten vu Schoulmaterial op de Sammelplazen ofginn oder eng Spend vun 50 € maachen fir e Schoulsak mat Schoulmaterial fëllen ze loossen, resp. een Don fir d'Transportkäschten.

Ausserdeem sammele mir Kannerspillsaachen, Vëloen, Babybettercher mat Matrass a Gedecks, komplett Kannerkutschen, Buggy, Kleeder a waarm Decken. Alles wgl. an engem propperen a gudden Zoustand. **Iech all Villmools Merci fir Är Generositéit.**

**KANNER AN FAMILLJENHËLLEF a.s.b.l.**
Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm Tel: 661 309 320
CCPLLULL LU61 1111 7038 8755 0000 RCS: F10515

*Des enfants démunis en Europe de l'Est ont besoin d'**un cartable / sac à dos** en bon état, rempli de **matériel scolaire** suivant :*

| | | |
|---|---|---|
| *3 cahiers (carreaux normaux)* | *règle* | *ciseaux* |
| *(nouvelle) trousse avec 4 crayons* | *gomme* | *2 bics* |
| *nouveaux feutres et crayons couleurs* | *taille-crayon* | *cahier de coloriage* |

*En plus : Bonnet, écharpe, gants, bas chauds, un nounours, 1 sachet de bonbons, 1 brosse à dents avec du dentifrice.* S.v.p. pas de chocolat en été.

*Vous pouvez aussi remettre toute sorte d'articles scolaires aux points de collecte ou bien de faire un don de 50 € pour un cartable rempli par nos soins respectivement un don pour les frais de transport.*

*Nous collectons aussi des jouets, des vélos, des lits de bébé avec matelas et literie, des landaus avec literies, poussettes, vêtements d'enfants et des couvertures chaudes. Le tout svp. en propre et bon état.* ***Merci beaucoup de votre générosité.***

**Sammelplazen / Points de collecte :**

**Parbüro Iechternach:** 12, Porte Saint Willibrord L- 6486 Iechternach. Tel: 72 01 49
**Famill Origer:** 56, op der Hicht L-6212 Konsdref. Tel.: 79 08 09

Oeuvres Saint Barthélemy Consdorf asbl. RSC: F10954
2, Lëtzebuergerstross L-6210 Konsdref LU16 1111 7047 3429 0000 (CCPL)
stbarthelemy@cathol.lu www.cathol.lu/stbarthelemy

# Eechternoacher Massdéiner - **Summerfest**

D'Eechternoacher Massdéiner invitéieren Iech häerzlech op hiert traditionellt Summerfest vum **10-12 Juli 2026** um Parvis vun der Basilika.
Iwwer de ganze Weekend ass fir Iessen an Drénke beschtens gesuergt, mat villen Animatiounen an engem Wäistand vun der *Amicale vun den Eechternoacher Massdéiner*.

EXTRA: Sonndesmenü:
1/2 gegrillte Poulet mat gebootschte Gromperen an Zalot fir 17,50€
1 gegrillte Poulet mat gebootschte Gromperen an Zalot fir 24,00€

**Reservéiert Äre Sonndesmenü** per Email: eechternoacher.massdeiner@outlook.com oder per Tel: 691 179 903 bis spéitstens de 9. Juli 2026.

Weider Informatioune fannt dir op eiser FB-Säit (Eechternoacher Massdéiner) oder op eiser Internetsäit : eechternoacher-massdeiner.lu

# E grousse Merci fir d'Klibberen!

An der ganzer Par sinn op ville Plazen d'Massendénger a Massendéngerinnen, ënnerstëtzt vu Kanner a Jugendlech aus der Noperschaft, klibbere gaangen. Si hunn dësen ale Brauch mat vill Freed a Liewen erfëllt an d'Klacken - déi op Karfreideg an op Karsamschdeg op Roum beichte waren - mat kräfteger Stëmm ersat. Den Erléis ass op ville Plaze ganz oder deelweis fir e gudden Zweck gespent ginn. E ganz groussen MERCI fir dee formidablen Asatz zur Freed vun de Leit an zur Éier vum Härgott! E grousse Merci awer och un déi Erwuessen, déi alles organiséiert an d'Kanner begleet hunn! *Francis Erasmy*


Konsdref


Iechternach (ee Grupp vun dräi)


Lënster




## Gottesdéngschter fir Kanner

- zu **Iechternach** Kanner- a Familljemass an der Peter a Paul Kierch:
  Mëttwochs 18.30 Auer: 20.05. -03.06. - 17.06. -24.06.
- zu **Lënster** Kanner- a Familljemass an der Kierch:
  Freides 18.30 Auer: 15.05. - 22.05. - 05.06. - 12.06.


**Kannergottesdéngscht - Ofschloss Kateches**

fir all d'Kanner aus der Par

**Mëttwochs, den 24. Juni um 18.30 Auer**

**an der Péiter-a-Paul-Kierch zu Iechternach**

*D'Kommuniounskanner iwwereechen e Chèque u Partage.lu*



## Firmtreffen

Virbereedung fir Jugendlech op d'Firmung

**Iechternach** Basilika | 18.00
**16.06.26**

**Lënster** Parzentrum (15, rue du Village) | 18.00
**19.05.26 - 30.06.26**

## Jugendmassen

**fir Jugendlech a jonk Erwuessen**

Sonndesowes | 18.30 | Basilika

**14.06.26 -12.07.26**


© Patrick Roeder


# Dat (Vir-) Lescht











# UergelPunkt12

## Basilika St. Willibrord Echternach

## Freitag - Vendredi | 12.00-12.30

*Kollekte am Ausgang - Quête à la Sortie*

**05.06.** Jos Majerus, *Orgel*

**12.06.** Blechbläser-Ensemble *Musikschule Echternach*

**19.06.** Francis Lucas, *Orgel*

**26.06.** Ensemble AD LIBITUM

**03.07.** Gesangsklassen *Musikschule Echternach*

**10.07.** Tamara Rosselet, *Orgel*

BASILIQUE
ST. WILLIBRORD
ECHTERNACH